# Bamplanzaktioune mat de Schoulkanner (2021, 2022 an 2023)




Am November 2021, 2022 an 2023 hunn d'Kanner aus dem Cycle 3 vu Määrtert a vu Waasserbëlleg um Boxbierg ënnert dem Schäefferriederhaff heemesch Uebstbeem geplanzt. Am Ganze sinn esou 90 Beem geplanzt ginn, dorënner Äppel, Bieren, Quetschen a Reineclauden. Déi iwwer 20 verschidde Bamzorte suerge fir eng grouss Diversitéit.





Wéi een op de Fotoe gesäit, hunn d'Kanner gutt geschafft an hate vill Spaass dobäi!





D'Parzell vun de Bamplanzaktioune gehéiert der Gemeng. Organiséiert goufen dës Aktioune vun der Ëmweltkommissioun Määrtert-Waasserbëlleg an de Responsable vun der Gemeng.





Weider Fotoe fannt Dir um Site vun der Gemeng Määrtert-Waasserbëlleg:
https://mertert.lu/environnement/pactenature/

Commune de MERTERT
NaturPakt Meng Gemeng engagéiert sech
KlimaPakt Meng Gemeng engagéiert sech
natur&ëmwelt a.s.b.l. Kanton Gréiwemaacher

Text a Layout: Joy Mentgen
Fotoen: Fernand Hopp

# Bamplanzaktioune mat de Schoulkanner (2021 an 2022) - Suite




**Wéi goufen d'Beem ausgewielt?**

Op dëser Plaz soll e Bongert ("Streuobstwiese") entstoen. Hei goufe bewosst heemesch an zum Deel al Uebstzorte geplanzt, zum Beispill den Taartenapel (*Flandrischer Rambour*) oder d'Paschtoueschbir (*Pastorenbirne*). Esou historesch a regional Uebstzorten hunn eng grouss genetesch Diversitéit a besëtze wichteg Eegenschaften, zum Beispill wäertvoll Inhaltsstoffer oder Resistenze géint Krankheeten.

**Firwat si Bongerte wichteg?**

Fréier hu Bongerten d'Landschaft gepräägt a waren en typeschen Ubléck an der Géigend vun Dierfer. Si sinn also e liewegt Kulturierwen. Haut ginn et der ëmmer manner. Dat ass e grousse Verloscht fir d'Natur, well grad lokal Uebstzorte si gutt un d'Klima- an d'Buedemverhältnisser op der Plaz ugepasst. Iwwerdeems bidde Bongerten duerch hir Bléien an Uebst net nëmmen Iessen, mee och e besonnesche Liewensraum fir eng sëllege Wëlldéieren.







**Raum fir Aartevillfalt**

Bis zu 5000 verschidden Déieren- a Planzenaarte kënnen an engem Bongert virkommen. Domat gehéiere Bongerten zu den aarteräichste Liewensraim a Mëtteleuropa. A Bongerten halen sech vill Mamendéieren op, zum Beispill de Kéiseker, de Siweschléifer oder Fliedermais. Och seelen Eile wéi de Steekauz brauchen de Bongert als Habitat. Déi vill Insekten, dorënner Päiperleken, Beien a Seechomessen, zéie Vigel wéi den Dréihälschen oder de Gaarderoutschwanz un. Genau sou wuel fillen sech Reptilie wéi de Blanneschlécher an Amphibie wéi d'Mouk.

Commune de MERTERT · NaturPakt – Meng Gemeng engagéiert sech · KlimaPakt – Meng Gemeng engagéiert sech · natur&ëmwelt a.s.b.l. Kanton Gréiwemaacher

Text a Layout: Joy Mentgen